NATIERLECH CACTUS

En partenariat avec natur&ëmwelt


@ Tessy Scheltgen



# SNACKBAR FIR D'VULLEN!

***D'Fiddere vun de Vullen am Wanter erméiglecht engem d'Beobachte vun den Déieren an et ass en Naturerliefnes fir d'ganz Famill. Do dernieft ass et och méiglech, d'Vullen ze bestëmmen an dobäi déi verschidden Aarte kennen ze léieren.***

## WÉI FIDDERT EE RICHTEG?

Normalerweis soll ee vun November bis Enn Februar/Ufanks Mäerz fidderen, well et bei de kalen Temperaturen och méi einfach ass, alles propper ze halen. Bei Frascht a Schnéi kommen immens vill Vulle bei d'Fudderplaz.

Äert Fudder soll iwwersichtlech opgehaange ginn, wou keng Kazen sech kënnen eruschläichen, mee wou ee selwer awer gutt ka beobachten. Am beschten ass et, wann nobäi Beem an Hecke stinn, fir dass d'Vullen de Schutz kënne sichen.

## VULLEFUDDER AN ENGEM ALE BLUMMENDËPPEN...



Dir braucht:
125 g Kokosfett
125 g Schmalz (Fett) vum Rand
je 5 Iessläffel Sonneblummekären
Huewerflacken
gehackt Nëss
2 Iessläffele Korinten

## ... A LASS!

Fir d'éischt maacht dir d'Fett an engem Kachdëppe waarm. Soubal d'Fett flësseg ass, kënnt dir d'Huewerflacken, d'Sonneblummekären, d'Nëss an d'Korinten dobäi ginn. Dono loosst dir dat Ganzt ofkillen. Wärend där Zäit kënnt dir schonn d'Blummendëppe virbereeden. Dofir gëtt en hëlzene Bengel oder en Aascht duerch d'Lach am Blummendëppe gestach. Hei wär et am beschten, wann dee genee duerch d'Lach géing passen an dobäi zu all Säit 10 cm géing iwwerstoen. Wann de Bengel ze dënn ass, kann en och ugepecht ginn. Dono kann d'Vullefudder ageféllt ginn.

D'Blummendëppe kann am Gaart oder op der Terrass opgehaange ginn.
Natierlech kënnt dir d'Blummendëppe fir d'éischt nach schéin umolen an och ëmmer erëm benotzen.

Dëse Pouster mat de Villercher vun heiheem kënnt dir **GRATIS** an d'Receptioun vun der Belle Etoile, dem Cactus Bascharage, Réiden, Miersch, Iechternach a Réimech oder an d'Haus vun der Natur siche kommen.



**De Regulus Junior-Club** ass e Club fir Kanner vu 6 bis 12 Joer, déi sech fir d'Natur interesséieren a gemeinsam wëllen op Entdeckungsrees goen.

Wann s du wëlls matmaachen, da mell dech un:
Regulus Junior-Club / natur&ëmwelt a.s.b.l.
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel. 29 04 04-1
secretariat@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu

*Version française*
*Deutsche Version*
*English version*
*www.cactus.lu*

Cactus